


PARBLAT

Communauté pastorale
"vun der Mess"

7/2014

BULLETIN PAROISSIAL

Bettange-Dippach-Ehlinge-Limpach-Reckange-Schouweiler-Pissange-Roedgen-
Sprinkange



Dankbare Menschen sind wie fruchtbare Felder,
sie geben das Empfangene zehnfach zurück.

August von Kotzebue



L'Archevêque de Luxembourg

"D'Léift zu Christus ass et, déi eis dreift". (2 Kor 5,14)

Dës Wierder vum Apostel Paulus sinn d'Thema vum Weltmissiounssondeg an eiser Diözes am Oktober dëst Joer.

Jo, et ass wierklech duerch d'Léift wou mer geruff sinn fir Zeie vu Gott ënner de Mënschen ze sinn bis un d'Enn vun der Welt.

Eise Pöpst Franziskus erënnert eis dorun a sengem Bréif fir de Weltmissiounssondeg 2014: "Och nach haut gött et vill Mënschen, déi Jesus Christus net kennen. Dofir bleift d'Missioun « ad gentes » weiderhin eng Prioritéit vun der Kierch, bei där all hir Memberen opgeruff sinn matzemaachen. Well d'Kierch ass jo vun Natur aus missionaresch, d.h. si muss ënner d'Leit goen! Si ass entstan fir "erauszegoen".

D'Léift vu Jesus Christus dreift eis, fir aus eis selwer erauszegoen, iwwert eisen ze enken Horizont eraus, aus eisem alldeegleche Liewen, souguer aus eiser eegener, lokaler Kierch. Fir méi wäit ze kucken, op dat groust Vollek vu Mënschen, déi op d'Evangelium hoffen, vu Mënschen, déi d'Evangelium fonnt hunn, an lo den Ufank vum Chrëschtin erliewen, heiansdo verfollegt, ëmmer mat grousser Freed.

D'Léift vu Jesus Christus dreift eis, déi mer e Vollek sinn mat enger aler chrëschtlecher Traditioun, fir solidaresch ze sinn mat deenen, déi Jesus Christus entdecken an déi oft wäit vun eis ewech liewen: esou wéi di éischt Jünger, déi "alles zesummegeluecht hunn an déi een Häerz an eng Séil waren" musse mer am Numm vu Jesus Christus déi nei Bridder a Schwësteren an der Kierch ophuelen duerch eis Solidaritéit an eist Gebiet.

Dës Léift vu Jesus Christus déi eis dreift méi wäit ze kucken fir am Déngscht ze stoen vun der Missioun iwwerall an der Welt, dës Léift mécht eis och op fir déi, di no bei eis op d'Evangelium waarden. Deen, deen no ass an deen, dee wäit ewech ass fannen zesummen an d'ärselwechter Suerg, am selwechten Elan fir mat all Mënsch d'Freed vum Evangelium ze deelen. Well, wéi de Pöpst et nach eng Kéier a sengem Message seet: "Dem Här säi Jünger bleift an der Freed wann e bei him bleift, wann e säi Wëlle mécht, wann en de Glawen, d'Hoffnung an d'Charitéit deelt."

Ech wënschen eis all eng gutt Missioun!

Lëtzebuerg, de 14. Juli 2014

+ 
+Jean-Claude Hollerich
Äerzbeschof vu Lëtzebuerg